déi Lénk

**Pressematdeelung**

Lëtzebuerg, de 12. Januar 2022

**Superdreckskëscht: Et muss ee bei Null ufänken!**

*De Superdreckskëscht - Kontrakt tëscht dem Ëmweltministère an der Firma Oeko-Service Lëtzebuerg huet keng gesetzlech Basis. Dat confirméieren zwee juristesch Avis vun der neier Cellule scientique vun der Chamber a vum Maître Alain Steichen. déi Lénk sinn der Meenung, dass de bestoende Kontrakt soumat verfällt an en neie Kontrakt mat engem Prestataire fir d'Superdreckskëscht muss gemaach ginn, soubal dat feelend Gesetz gestëmmt ass. Dëse Virgank ënnersträicht doriwwer eraus d'Wichtegkeet vun der wëssenschaftlecher Expertise fir eng effikass Kontroll vun der Regierung duerch d'Chamber.*

Den Avis vun der Cellule scientifique vun der Chamber ënnersträicht ganz kloer, dass et keng gesetzlech Grondlag fir d'Superdreckskëscht gëtt. E Spezialgesetz, wat e Budget spezifesch fir d'Superdreckskëscht virgesäit ass ni vun der Chamber gestëmmt ginn. Eng Ausgab am Staatsbudget, déi iwwer mindestens zwee Exercicer leeft oder awer 40 Milliounen Euro iwwersteigt, muss awer gesetzlech festgehale ginn. Wëll esou e Gesetz ni gestëmmt ginn ass, ass also och de Kontrakt fir d'Ausféierung vun der Aktioun Superdreckskëscht ongülteg.

Déi proposéiert Léisung vun der Cellule scientifique déi dora besteet, dem Kontrakt nodréiglech seng Gëltegkeet ze ginn mat dem Vote vun engem Spezialgesetz gesinn déi Lénk awer ganz kritesch. Dat besonnesch wëll de bestoende an also awer ongültege Kontrakt mat der Firma Oeko-Service Lëtzebuerg eng ganz Partie Froen opwäerft, déi och mam Audit aus dem Joer 2021 net aus der Welt geschaf konnte ginn. Mir wëlle kee Gesetz stëmmen, dat e problematesche Kontrakt mat enger Privatfirma am Nachhinein och nach legaliséiert.

déi Lénk haten virun engem knappe Joer opgrond vun de Recherchen vun der Presse scho kritiséiert, dass d'Offallwirtschaft zu engem ëmmer méi lukrative Geschäftsfeld fir Privatfirmen gëtt. Am Fall vun der Aktioun Superdreckskëscht gouf festgestallt, dass e Geflecht vun Entreprisen hannert Oeko-Service Lëtzebuerg steet, déi alleguer de selweschte Persoune gehéieren a wou sech Missiounen am Kader vun dësem Beräich vun der Offallwirtschaft innerhalb vun dem Firmegeflecht zougeschoustert ginn. Donieft gouf festgestallt, dass d'Firmebesëtzer sech gepeffert Dividenden a Milliounenhéicht ausbezuele loossen a sech soumat mat Hëllef vum Ëmweltministère an duerch d'Ausféierung vun engem service public op Käschte vun de Konsummenten beräichere kënnen. Dëse System muss ënnert d'Lupp geholl ginn an dat geet nëmmen, wann dësen Dossier mat engem neie Spezialgesetz op Null gesat gëtt. Fir déi Lénk ass et kloer, dass d'Offallwirtschaft net privaten Interessen däerf ënneruerdent ginn, mee dass se fest an ëffentlecher Hand muss sinn.

Den Dossier Superdreckskëscht weist eis doriwwer eraus, dass d'Chamberaarbecht duerch eng wëssenschaftlech Expertise däitlech kann opgewäert ginn. D'Ausaarbechtung vun Avis'en duerch Spezialisten op engem bestëmmten Thema hëlleft den Deputéierten dobäi hir Aufgaben als Kontrollinstanz vun der Regierung méi effikass wouerzehuelen. D'Chamber gëtt doduerch opgewäert an dat kënnen déi Lénk nëmme begréissen.

Matgedeelt vun der Lénker Fraktioun.